

## Referendum?

An deer leschter KLACK war hei Ried vun der Sprooch am Grondgesetz vun eisem Land, der Constitutioun. Dat Gesetz ass **d'Basis, d'Fëllement vun allem**, wat vun den Deputéierten als 'normaalt' Gesetz gestëmmt gëtt... a vun alle Reglementatiounen, déi sech op e Gesetz stäipen, dat déi Bestëmmungen erlaabt oder virschreift. Klavéiert do eppes net mat der Constitutioun, fort!

Gewëss, dat hei ass en **dréchant Gespréich iwver eng 'dréche' Saach**. Dofir war a 'menger' Schoul, souwäit wéi ech mech erënneren, dat Fach och net sënnerlech beléift... vläicht ower net ëmmer nëmme wéinst dem Fach senger ☺ An engem normal opgebauten demokratesche Staat (Trennung vun de Gewalten/Pouvoiren), also enger fräier, parlamentarescher Demokratie geet et net dersonner (=ouni dat). Mir hätten alleguer emol besser, aplaz 'Humpegespréicher' doriwwer ze féieren, heiansdo un d'Entwécklung dovun a vrun allem un eis Chance an deem Sënn ze denken; dat geet méi wäit wéi nëmme un d'Namminamm, d'Schlippi an den 'Amusi'.

Eist Land ass eng sougenannt 'konstitutionell Monarchie'. **Am Fong gehol misst et heeschen, de Grand-Duché wier eng 'konstitutionell-demokratesch-parlamentaresch Monarchie'**, well den 'Demos', d'Vollek, zugudderlescht, den absolute Meeschter (Souverain) iwver alles ass, wat 'gesetzméisseg' zu Lëtzebuerg entscheet gëtt. Dat geschitt doduerch, dass d'Vollek déi wíelt, déi a sengem Numm (representativ!), als Volleksvertreieder, d'Gesetzer solle maachen an och (iwver d'Verwaltung/d'Justiz) dofir suergen, dass hinne gefollegt gëtt. Mir - d'Vollek, den *Demos* - iwverloossen 'eise' gewielte Leit de Pouvoir/d'Muecht, fir an eisem Numm festzeleeën, wuer et higeet, anescht gesot: mir stëmmen si, fir dass si sollen decidéiere wat geschéie soll... deemno net 'direkt'! Et gëtt aner Forme vun Demokratie, wéi z.B. d'Schwäiz.

Wann d'Vollek 'direkt' entscheet, also net iwver seng gewielte Vertreieder - wat bei äis super-rar ass - **da gëtt vun engem REFERENDUM geschwat, engem Volleks-Ofstëmmen iwver eng oder méi Froen, op déi mir mat JO oder NEEN äntwären**; an der Zäit hat d'Chamber sech domat dann och selwer automatesch opgeléist. D'Resultat vun Referendum gëtt duerno definitiv esou an d'Constitutioun 'iwverdroen', un déi absolutt jidferen sech ze halen huet, esouguer de Chef vum Land! Dëse Wee war bis virun en etleche Joeren esou an eleng de Fall... et ass an 90 Joer nëmme 3mol dozou komm. Haut besteet och d'Méiglechkeet, dass d'Chamber, mat enger 'absolutter', d.h. 2/3-Majoritéit eng Ännerung un der Verfassung/Constitutioun ka maachen... genee doru gëtt fir den Ament geschafft, an **dir kënnst iech virstellen, dass déi Spezialkommissioun, de Staatsrot an d'Voll-Chamber sech déi Saach net liicht maachen**.

Wien sech och nëmme eng Grimmel an Texter vun dem Grondgesetz era knéit -dir fannt se iwregens och um Regierungs-Internet- dee versteet, dass **net jidfer Fro a Problem einfach mat JO oder NEEN ze beäntwäre sinn** (z.B. den Opbau vun der Justiz, d'Roll vum Staatschef...), an anere Wieder: dass soll vun enger Spezial-Commissioun vun Deputéierten duerchgeschafft ginn, déi dann hir Propose maachen an dem Staatsrot, duerno der Chamber déi dohinner leeë fir ofzestëmmen.

Bei allen anere Komplikatiounen ginn et ower fundamental, **däitlech an einfach Froen, déi dem Vollek fir e REFERENDUM mat JO/NEEN kënnst proposéiert ginn**. Eng dovun ass déi, wou et ëm eis lëtzebuergesch Staatszeechen (*emblèmes*), eis Nationalhymn an ...eis Sprooch geet, an zwar esou, wéi de Staatsrot der Chamber et ganz verstänneg virgeschloen huet (an deer leschter KLACK stong deen Text Bustaf fir Bustaf); deen an dëser Saach iwregens op Constitiounselementer baséiert, déi et an den Demokratien hei rondrem ewell laang gëtt, vrun allem a Frankräich.

No ronn 50 Artikelen an Artikelcher ("Ceterum censeo...") rondrem an iwver déi Saach brauch äre Schreiwert jo ganz sécher net méi ze soen, wat him, grad ewéi Dausende vu Leit an deem Sënn apaart am Verstand an um Häerz läit. Firwat net e Referendum iwver just déi Fro ☺?

## Muss dat wierklech sinn?!

Eng bekannt Manéier: Wann eng Ried oder eng Schreif soll 'gutt maachen', dann trëlle mir onheemlech gär a Franséisch oder däitsch Saz-Wëppelen, déi esou iwverflësseg si wéi e Frigo um Nordpol...ouni vläicht ze iwverleeën, dass dat Däitscht oder Franséischt, an deem mir dann traatschen, esouguer an deer Sprooch selwer zevill bretzeg ass. 2 Beispiller, déi wierklech net erfondt sinn:

*Zuckerkrankheit kennzeichnet sich durch übermässigen Durst...* esou schwätzt keen normalen däitschsprochege Mënsch; do heescht et einfach (!!!), déi Krankheet giff sech *durch den vielen/starken Durst zeigen*; dann ass et also och **iwverdrüwen, am Lëtzebuergesch do vu 'kennzeechen' ze schreiwen**, oder net?

Eng ganz grouss a stacklëtzebuergesch Firma seet äis dann elo, wa mir en Apparat genge bei hir kafen, a mir wieren net *satisfait*, da giffe mir *remboursé*. Dir gleeft et net? Da kuckt emol bei Reklamme vun der P&T op RTL.lu... do kritt ee jo dann näischt *erëm*, wann een net *zefridden* ass ☺

vum Lex Roth



## A wann dir net gitt!

Et fällt knapps engem op, dass esou e Saz wéi hei uewen driwwer mat Sécherheet keen Däitsch ass, och wann et esou schéngt; grad esou wier et an der 'Einzahl/Singulier': a wann s de net gees... *und wenn ihr nicht gehet / und wenn du nicht gehst...* dat mécht am Däitschen absolut kee Sënn; grad esou wier et am Franséische mat *'et si tu ne vas pas'*.

Ob dat elo dësem / deem passt oder net: et ass eng typesch lëtzebuergesch Fassung, en Dréi, eng 'tourneur', déi ganz einfach net Wuert fir Wuert an eng aner Sprooch eragequëtscht ka ginn, wéi z.B. och **'deen ass mirnäischt dirnäischt einfach ugaang'** oder **'ech hunn deem fatzeg watgliff gesot'**... deer gëtt et mat den Honnerten, grad ewéi mir Dausende vu Wieder/ Ausdréck am Lëtzebuergesch hunn, déi een ëmsoss an aner Sproocher siche geet. Vläch just dofir fanne mir haut jo och deen hiermiddege Quatsch, wann een um Computer emol probéiert, eng 'automatesch' Iwwersetzung vun engem lëtzebuergesch Text op Franséisch, däitsch oder englesch ze kréien. Dat jäizt no... Laachen! Wien et net gleeft, dee soll emol selwer kucke goen... an sech dann och de Bauch unhalen.

## Iwwerflësseg

**Lecker, lecker, lecker a keen Enn**. Da soll emol ee kommen a soen, dass wier äis net vun 'do iwver' aus deene maandelweisen däitschsprochege Reklammen agetrichtert ginn. Dobäi ass dat 'Geleckers' **esouguer am Däitschen zimlech dolaanscht**, well et jo zugudderlescht mat eppes ze dinn huet, dass ee **lecke** kann, also eng Glace oder eng Lutsch! Logescherweis kann dofir e Kallefsbrot net *'lecker'* sinn, an e *'leckere'* Bond gëtt et och net... ower d'Publicitéit an dee léiwe 'Marketing' sinn, am Sënn vum Ausdréck do, fir äis eppes ze verkafen... och sproochlech Hier-Spawecken! Da geet natierlech 'genësseg, geschméicheg, säfeg, éisseg...' net méi duer... oder einfach 'gutt'.

Et ass kloer, dass mir elo déi gelackte 'Germanisten' erëm an der Akaul sätzen hunn; am Fong ower, well si net wëssen, wourëm et äis geet: net géint dem Grass oder dem Walser hirt Däitsch, mä géint de Muttwëll, op déi Manéier wéi hei handendrun: eis Wiertschaft *'no vir bréngen'* aplaz *weider*; sollen d'Leit elo hei *'verstierwen'* aplaz *stierwen*, een *'hírer gedenken'* aplaz un si denken', vläch *'uschléissend'* aplaz duerno' d'Geleeënheet *'notzen'* aplaz huelen/profitéieren', fir *'gemeinsam'* aplaz zesummen' an eng Mass goen? **'Evolutioun'** vum Lëtzebuergesch? Dat do net. Doriwwer eng Diplomaarbecht schreiwen? Da mengt alt!

## Traditiounen

Den Dezember ass nun emol e Mount, an deem Traditiounen leien, déi nach ville vun äis 'no ginn': De Kleeschen, Helleger Owend, Chrëschttag selwer, an da loosst mer an engems Sylvester/Neiooschdag mat eran huelen.

**De geknäipten 'Advent' mat sengem Tralala** rondrem ass eréischt zënter de leschten 2 Generatiounen aktuell, well deen huet een nëmme duerch déi bekannt (däitsch!) Lidder aus der Kierch kann (*Tauet Himmel... Es ist ein Ros' entsprungen...*). Et ass dach gelungen, dass mir op Lëtzebuergesch e Grapp voll Texter fir Niklosdag a fir Chrëschttag hunn a keent fir den Advent, oder? Mä dat war **'soss' déi Zäit, wou nach keng lächerlech rout Geschäfts-Männercher alias Weihnachtsmänner** dorëmmer gehéisst sinn; et war ower och déi, wou 'de Schong gesat ginn ass' a wou mir äis deen Dag duerno besser geschéckt hunn, wann näischt dra war. E Stéck deer 'gudder aler Zäit' ☺

Hand op d'Häerz: et ass eng 'heemlech' Zäit gewiescht... am wierkleche Sënn vun 'Heem'! Wat 'guff' et fir Chrëschttag? Freed un engem Beemchen ass soss net vill oder näischt. Wien dann op Neiooschdag e léiwe Pätter oder eng gutt Giedel hat, deen ass 'wënsche' gaang a krut vläch e 'Këndel', also en iwverdimensionéierte... Boxemännchen (wat e schéint lëtzebuergesch Wuert!). Nëmme fir ze laachen: Mä wier dat net d'Léisung fir dëst Joer zu Dikrech um 'Botterweck'? ☺

## Ma jëmme mäini!

Esou e lëtzebuergesch Ausdréck à la 'Mammelikanner', deen ee knapps an eng aner Sprooch kann iwversetzen, oder? Ma hei geet et elo net dodrem; et soll sech, wéi esou dosendeweis, ëm e **Gedanken iwver eis Schreifweis/Orthographie** dréien. Deenen allermannste fällt jiddefalls op, dass **en onméiglech-domme Kuddelmuddel am Schreiw vum der englescher Sprooch** dorëmmer schlauft (nom G.B.Shaw senger Meenung!)... et seet ower keen eppes, well um Däitschen, Franséischen an Engleschen gëtt et dach näischt ze kritiséieren, gelldir... Fehler, Punkt a roude Minus-Strapp!

Beispill: **Huet dir ewell beduecht, op wéivill Fassongen de Vokal 'o' am Engleschen ausgeschwat gëtt?** Hei sinn der emol 5! Long (=o), over (=ou), loser (=u), more (=oa)... an esouguer als 'a' (cover, lover...)! Ass dat dann näischt? Et schéngt net, well jidderee schléckt, léiert a behält et, ouni sech ze wonneren, ze grommelen an ze reklamméieren. Just Lëtzebuergesch schreiwen, dass ass eng Schmot, gelldir.

A wéi soe mir dacks: **Ëmmer op déi Kleng an déi Bluttaarm** ☺☺☺